PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

De Conseil arbitral de la sécurité sociale (CASS) ass eng éischt Instanz, déi fir Ugeleeënheeten a Sträitfäll a Saache Sozialversécherung tëschent Versécherten a Versécherer zoustänneg ass.

An engem Quotidiens-Artikel vum 10te September 2020 gëtt vun 800.000 Versécherten zu Lëtzebuerg geschwat. Virun dësem Hannergrond, an der steigender Unzuel vun Dossieren déi järlech bei der CASS agereecht ginn, goufen d'Capacitéiten (nei Raimlechkeeten, méi Personal, etc.) vun der CASS am Joer 2020 erhéicht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Baséierend op den Zuele vun de leschten 3 Joer:
    - Wéi vill Dossiere goufe pro Joer vum CASS opgemaach?
    - Wéi vill Casë goufe pro Joer vum CASS ofgeschloss?
    - Wat war den duerchschnëttleche Montant, ëm déi et an den traitéierten Affär gaangen ass?
    - Wéi oft gouf am Sënn vum Versécherten, wéi oft am Sënn vum Versécherer tranchéiert?

2. Wëssend, dass Delaie jee no Cas kënne variéieren, wéi vill Zäit vergeet duerchschnëttlech vun der Demande de Recours bis hin zum éischten Debat?

3. Wéi vill Zäit vergeet duerchschnëttlech vun der Demande de Recours bis hin zur Decisioun?

4. Konnten opgrond vun den am Artikel ugeschwate Capacitéitserhéijunge schonn Entlaaschtunge festgestallt ginn? Wa jo, wéi manifestéieren sech dës?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député